**Betreff:** Re: Rausworf aus dem Bâtiment4?
**Von:** Richtung22 <info@richtung22.org>
**Datum:** 13.04.2024, 21:30

Léif Memberen vum CA vu frEsch,

virun eppes méi wéi enger Woch hu mir eis an engem Mail un iech geriicht, et geet ëm d'Opfuerderung, dass Richtung22 d'Räim am Bâtiment 4 ze verloossen hätt. Bis haut hu mir nach keng Réckmeldung kruut.

E Méinden gouf eis iwwerraschend vu frEsch A.s.b.l. déi zweet Tranche vun der "Carte Blanche" ausbezuelt. Dat obschonns mir nach keen ofschléissende Bilan vum Projet agereecht hunn, wat awer dem Vertrag no d'Konditioun wier.

Well, wéi gesot, eng Reih vun eise Projeten voll am Gaangen sinn, an de Kënnegungsbréif vun iech aus dem Näischt koum an d'Frist denkbar kuerz ass, si mir drop ugewisen méiglechst geschwënn mat iech an een Austosch ze kommen. Et wäert och reng logistesch net méiglech sinn, dass mir eis Räim Enn Mee verloossen. Eng Reih Projeten, dodrënner och Projeten, déi vun iech finanzéiert ginn, sinn wéinst ärer Ukënnegung imminent a Gefor.

Kéint dir eis w.e.g. am Laaf vun der näechster Woch eng Äntwert ob eise Mail zoukomme loossen? Mir wäerten eis soss an engem näechste Schrëtt un den Escher Gemengerot riichten. Mir bleiwen gewëllt hei eng gemeinsam Léisung ze fannen an ginn dovunner aus, dass Dir et als Zeechen vun eisem gudde Wëllen gesäit, dass mir eng Reih vu Presseufroen zum Thema bis elo net beäntwert hunn.

Bescht Gréiss,
Richtung22